Déi nei Reglementatioun wäert et erlaben, fir eng etlech Économies d'échelle ze maachen, fir also d'Zuel vun den Investmentfongen ze reduzéieren, awer de Volume ze augmentéieren.

A Frankräich ass zum Beispill ausgerechent ginn, datt eleng fir déi franséisch Fonge pro Joer iwwert dee Wee 600 Milliounen Euro un administrative Käschte kéint gespuert ginn. Dat ass also eng wesentlech Verbesserung vun der Situatioun, speziell fir déi international Produkter, fir déi Fongen, déi international verkaaft ginn, well et ass fir déi, wou dës Direktiv - dës UCITs IV - haaptsächlech en Avantage bitt.

Et muss een also och festhalen, datt mer an dësem Gesetz elo an UCITs och eng etlech Verbesserungen an deem Sënn virgesinn hunn. Éischtens kënnen d'Sociétés de gestion an och d'Produkter selwer, dat heescht d'Fongen, elo fräi an Europa verkaaft ginn.

Et ass eng Verbesserung och virgesi vun der Informatioun vun den Investisseuren iwwert den „Key Investor Document", dat soll méi einfach, méi lieserlech sinn an och präzis Informatioune ginn, fir datt deen, deen an esou e Fong investéiert, och da ganz gutt a kloer gesäit, wou et higeet. Dat ass jo oft kritiséiert ginn, speziell elo wéi d'Kris wor, datt eng etlech Leit geduecht hunn, si wieren do schlecht informéiert ginn. Doduerjer, datt een elo en eenheetlecht Dokument huet, ass dat eleite manifestement eng Verbesserung, well esou en internationale Pass, wéi mer deen elo fir d'Investmentfongen hei virgesinn, geet sonner Zweifel awer an déi richteg Richtung.

Wann UCITs IV Realitéit gëtt, da gesäit een, datt verschidden, no de Sondagen, déi gemaach gi sinn, 81% vun de Fonge géifen op Lëtzebuerg kommen a 15% an Irland, 4% géifen an aner Länner goen. Elo musse mir hei hoffen, datt, well mir déi Éischt sinn a mir also d'Nues vir hunn, mer also och wäerten dovunner profitéieren an datt och duerch déi nei Gesetzgebung d'Lëtzebuerger Finanzplaz gestäerkt gëtt, datt mer och doduerjer hei fir ganz vill Aarbechtsplazen, fir gutt gesond Statsfinanze kënne bäidroen. Et ass also e ganz wichtegt Gesetz.

Duerfir wollt ech och den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Henckes. Elo kritt d'Wuert den Här Finanzminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances.*- Här President, ech géif gären all de Kolleege Merci soe fir déi grouss Ënnerstëtzung, déi dëse Projet heibanne fënnt, a virun allem och dem Rapporteur, dem Här Lucien Thiel, fir säi Rapport. Ech mengen, et ass richteg, datt an Zäiten och vu schwiereger wirtschaftlecher Situatioun mer déi Secteuren ënnerstëtzen, déi d'Kris relativ gutt iwwerstanen hunn, an déi Secteuren, déi zu eisem Land passen. An den Déngschtleeschtungssecteur ass nun eemol een, deen an engem klenge Land weider ka vläicht méi liicht ausgebaut gi wéi aner Secteuren, well d'Gegebenheete geographescher an anerer Natur eben esou sinn, wéi se zu Lëtzebuerg sinn.

Dës Direktiv UCITs IV ass e ganz positive Schrëtt, eng nei Chance fir Lëtzebuerg. Et ass eng Chance fir Lëtzebuerg, well mer an dësem Beräich, wou mer den Nummer 2 an der Welt sinn hanner Amerika, den Nummer 1 an Europa, déi Leadershippositioun wëllen halen. Et ass eng gutt Direktiv, well se am Fong eng Vereinfachung vun der ganzer Dokumentatioun am Fongeberäich, am reglementéierte Fongeberäich mat sech zitt, e bessere Schutz vum Investisseur virgesäit, an och eng Käschtereduktioun am Fong duerch dës Reduktioun kënnt. Duerfir, mengen ech, ass et e gudden Text.

Mä virun allem sinn ech natierlech ganz frou, an ech mengen, mir kënnen zesumme stolz drop sinn, datt Lëtzebuerg hei erëm eng Kéier dat éischt Land ass, wat dës Direktiv ëmsetzt. Domadder hale mer déi Leadershippositioun, déi mer scho fir de Moment an der Welt hunn.

An duerfir sinn ech och ganz d'accord notamment mat deem, wat den Här Meisch hei gesot huet, datt mer musse weider Effortë maache bei der Promotioun an der Kommunikatioun. Mä déi hu mer an deene leschte Méint gemaach. Déi muss ee verstäerkt nach maachen.

Ech hu gesi bei menge kierzleche Reese fir d'Promotioun virun allem vun de Fongen a Latäinamerika oder an Asien, datt den Numm UCITs verbonne mat Lëtzebuerg schonn extrem bekannt ass. Mir sinn zum Beispill zu Hongkong bäi Wäitem den Nummer 1 vun de grenziwwerschreidende Fonge virun Irland. An dat sinn esou vill Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg.

Et geet hei drëm, weider Aarbechtsplazen ze schafen a weider Steiereinnahmen duerch déi Aktivitéiten ze kréien. Duerfir maache mer och e Büro zu Abu Dhabi op. Duerfir suerge mer och derfir, datt déi „Trade and Investment Offices", déi Lëtzebuerg huet, verstäerkt och fir d'Finanzindustrie Reklamm maachen.

Déi Kommunikatioun geet also weider an och déi Promotiounsvisiten. D'Kommunikatioun, déi domat zesummenhänkt, wäerte mer och verstäerkt am nächsten an iwwernächste Joer weider maachen, besonnesch, well et drëm geet, och nei Marchéen nach derbäizekréien. Et geet net nëmmen duer, datt mer eis erklären an eisen direkten Nopeschlänner; dat ass vläicht méi wichteg an der Activité de banque privée. Mä bei der Fongenindustrie si mer an engem weltwäite Business. An an enger globaler Welt muss een och global präsent sinn.

Et ass gutt, datt dëst Gesetz haut gestëmmt gëtt, datt mer dat éischt Land sinn, wat déi Direktiv ëmsetzt. An ech wëll hei soen, datt mer och bei der Direktiv iwwer alternativ Investmentfonge wäerten déi Éischt sinn, déi dat maachen. Dat kann een nach net ganz direkt maachen, well déi Direktiv ass nach net a Kraaft. UCITs trëtt elo den 1. Januar a Kraaft. Mä soubal och déi Direktiv formell a Kraaft ass, wäerte mer och do mat engem Projet de loi kommen, verbonne mat enger Rei vun noutwendege steierlechen Arrangementer, fir fir déi Asset Manageren, déi ganz gutt Angeboter gemaach kréien, notamment an aneren europäesche Länner, och zu Lëtzebuerg ze kucken, d'Rahmebedéngungen esou ze gestalten, datt se och op Lëtzebuerg als eng méiglech Adress kommen.

Dorunner schaffe mer. Mir brauchen do eng Rei Spezialregelunge fir héich qualifizéiert Spezialisten, déi mer an deem dote Beräich brauchen, an dat maache mer! An deem Sënn e grousse Merci un d'Chamber fir hir effikass a schnell Aarbechten.

Erlaabt mer - une fois n'est pas coutume -, och hei am Numm vun der Regierung dem Statsrot Merci ze soen. Well dee Projet de loi war wierklech e ganz décke Projet de loi, an de Statsrot huet och hei an enger ganz kuerzer Zäit en héich technesche Projet de loi aviséiert. Dat ass gutt fir d'wirtschaftlech Entwécklung vun dësem Land.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6170 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, géint 1 Enthalung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt deejéinegen, dee sech enthalen huet, seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6183 iwwer eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'TVA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Meisch. Elo huet d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Haupert. Här Haupert, Dir hutt d'Wuert.

7. 6183 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée et portant transposition

- de l'article 3 de la directive 2008/8/CE du Conseil du 12 février 2008 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne le lieu des prestations de services;

- de la directive 2009/69/CE du Conseil du 25 juin 2009 modifiant la directive 2006/112/CE relative au système commun de taxe sur la valeur ajoutée en ce qui concerne la fraude fiscale liée aux importations;

- de la directive 2009/162/UE du Conseil du 22 décembre 2009 modifiant diverses dispositions de la directive 2006/112/CE relative au système commun de taxe sur la valeur ajoutée;

- de la directive 2010/66/UE du Conseil portant modification de la directive 2008/9/CE définissant les modalités du remboursement de la taxe sur la valeur ajoutée, prévu par la directive 2006/112/CE, en faveur des assujettis qui ne sont pas établis dans l'État membre du remboursement, mais dans un autre État membre

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, wann een de leschte Rapporteur virun der Chrëschtvakanz ass, da sinn d'Erwaardungen un ee ganz grouss, an zwar déi, dass ee ganz kuerz soll sinn.

(Hilarité)

Ech wäert wéi geweinlech Är Erwaardungen net hei enttäuschen. Erlaabt mer awer, kuerz op déi Haaptprinzipië vun der Änderung vun dësem Projet anzegoen.

De Projet, dee gesäit vir d'Transpositioun vu véier Direktiven an eis national Gesetzgebung, véier europäesch Direktiven, déi eng Änderung vun dem Gesetz vun 1979 iwwert d'TVA bedéngen. Un éischter Stell hu mer d'Transpositioun vun der Direktiv 2008/8 iwwert den Uert, an deem verschidden Déngschtleeschtunge prestéiert ginn, an domat iwwert den Uert, wou se am Fong geholl der TVA ënnerworf sinn a wou d'TVA muss bezuelt ginn.

D'Modifikatioun, déi den 1. Januar 2011, dat heescht den 1. Januar, deen elo hei gläich an d'Land steet, déi also da soll a Kraaft trieden, betrëfft virun allem déi kulturell, artistesch, sportlech, wëssenschaftlech, éducativ an Ënnerhalungsaktivitéiten, déi un eng Persoun prestéiert ginn - eng Persoun, déi och der TVA ënnerworf ass -, an dat ass wichteg, fir dat ze ënnersträichen. Bis elo gouf d'TVA op deenen Aktivitéiten an Déngschtleeschtungen do erhuewen, wou déi Aktivitéite stattfonnt hunn. Vum 1. Januar u solle se do der TVA ënnerworf ginn, wou den Empfänger vun deenen Déngschtleeschtungen - wann en also och der TVA ënnerworf ass -, wou deen etabléiert ass.

Als Zweet hu mer d'Transpositioun vun der Direktiv 2009/69 iwwert de gemeinsame System, wat d'Bekämpfung vun dem Steierbedruch op den Importatiounen ubelaangt, Importatiounen, déi zu intercommunautären Transferten Ulass ginn hunn an doduerch zu enger Exonératioun vun der TVA am Importland gefouert hunn. Bis elo war et esou, dass all Land déi Importatiounen no sengem eegene Gutdünke behandelt huet, wat zu deene berühmten „fraudes carrousel" gefouert huet, déi d'Länner vun der EU eng Onmass vu Steierhannerzéiunge kascht hunn. Dës Direktiv preziséiert d'Konditiounen, déi vum Importateur erfëllt musse ginn, fir dass esou eng Exonératioun vun der TVA am Importland geschéie kann. Doduerch sollen d'Méiglechkeete vun der Steierhannerzéiung a Grenze gehale ginn.

Als Drëtt fanne mer d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2009/162, déi punktuell Adaptatioune vum TVA-Gesetz mat sech bréngt, déi awer déi grouss Prinzipië vun eiser Gesetzgebung iwwert d'TVA net beréiert. Viséiert ass de Regime vun der Liwwerung an dem Import vun dem elektresche Stroum an dem Naturgas iwwer all Netzer a Systemer, an d'Liwwerunge vu Keelt an Hëtzt ginn och där Gesetzgebung bäigefügt.

Als Lescht hu mer d'Direktiv 2010/66 iwwert d'Modalitéite vun dem Zréckbezuele vun der TVA u Persounen, déi net an deem Land wunnen, an deem d'TVA zréckbezuelt soll ginn, awer an engem anere Land vun der Europäescher Unioun. Dës Direktiv soll de Stéchdatum, bis zu deem eng Demande fir d'Zréckbezuele vun der TVA agereecht muss ginn, vum 30. September 2010 op den 31. März 2011 verlängeren. Des Weidere gesäit de Projet de loi verschidden Upassunge vum TVA-Gesetz vir, Upassungen, déi eng virausgaangen Transpositioun vun Direktive concernéieren an déi sech aus der Praxis vun der alldeeglecher Applikatioun vun dem Gesetz imposéiert hunn.

Déi verschidde Beruffschamberen hunn hiren Avis zu dësem Projet ofginn a sech och mam Projet averstane gesot. De Statsrot huet besonnesch d'Punkte kritiséiert, déi d'Konditiounen an d'Limitë vun den Exonératiounen op verschidden Importatiounen iwwer Règlement grand-ducal wëlle regelen. De Statsrot war der Meenung, dëst wier net prezis genuch, besonnesch am Zesummenhang mat dem Artikel 101 vun eiser Constitutioun an der Jurisprudenz vun der Cour constitutionnelle iwwert d'Steieren. Doropshin hu mer, esou wéi de Statsrot et proposéiert huet, déi Dispositiounen, déi d'Regierung iwwer e Règlement grand-ducal wollt huelen, an d'Gesetz mat iwwerholl.

De Statsrot hat awer een Alinea vun där Dispositioun vergiess matzedeelen. Mir hunn et an der Kommissioun festgestallt a mir hunn dem Statsrot dat matgedeelt, an de Statsrot war d'accord, dass et sech do ëm eng „erreur matérielle" géif handelen an dass mer dat kéinten an den Text mat afügen, ouni dass de Projet erëm sollt bei de Statsrot zréckgoen. Dat hu mer gemaach.

D'Chamberskommissioun huet och mäi Rapport esou ugeholl, mat deenen Änderungen, déi do virgesi waren. Ech hunn, wou mer awer de Rapport kritt hunn, festgestallt, dass am Text, esou wéi am Rapport virgesinn, och zwee Renvoien net ge-

stëmmt hunn. Do huet d'Verwaltung mech drop opmierksam gemaach. Mir hunn och déi Renvoië geännert, well et sech och ëm eng „erreur matérielle" handelt. Den Text, esou, wéi en awer hei läit, dréit deem nach net Rechnung. Deen Text, deen awer an d'Dréckerei gaangen ass, deen dréit deenen Änneruge Rechnung.

Ech wollt dat hei ernimmen. D'Finanzkommissioun huet mäi Rapport esou, wéi ech e virgeluecht hunn, unanimement ugeholl a si schléit vir, den Text esou, wéi en da mat deene klenge Modifikatiounen hei virgeluecht gëtt, ze stëmmen.

Ech bréngen heimat den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Rapporteur Norbert Haupert. E war esou kloer, datt den Här Meisch net méi brauch zousätzlech Explikatiounen ze ginn. Och de Finanzminister brauch dat net ze maachen. Sou datt mer direkt elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6183 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Raymond Weydert), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

8. Questions parlementaires

- Article 80(5) du Règlement de la Chambre des Députés

Da komme mer elo zu de Question-parlementairen, bei deenen den Délai de réponse ofgelaf ass. Den Auteur huet wéi ëmmer zwou Minutten, fir seng Fro ze stellen, an de Minister huet véier Minutten, fir dorobber ze äntwerten. Als Éischt hu mer d'Fro N°2458 vum Här Xavier Bettel un de Finanzminister iwwert de Kaf vu groussherzoglechen Terrainen duerch de Stat. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°2458 du 9 avril 2008 de M. Xavier Bettel relative à l'engagement budgétaire pris par le Ministre du Trésor et du Budget dans le cadre de l'acquisition de terres du Grand-Duc près du Château de Colmar-Berg, adressée à M. le Ministre des Finances

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, wéi gesot, déi Fro ass vum 9. Abrëll 2008…

Une voix.- Dat wësse mer elo!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- …a war am Fong un den Här Statsminister adresséiert, deen deemools och Finanzminister war, iwwer eng Décisioun, déi den heitege Finanzminister Luc Frieden geholl huet. Firwat? Et war nämlech am Dezember 2007, wou den Här Statsminister eis matgedeelt hat iwwert déi ganz Situatioun mam Gréngewald, an dass do och transparent sollt gehandelt ginn an dass do näischt sollt verstoppt ginn.

Et ass du mat Iwwerraschung festgestallt ginn, de 7. Abrëll 2008 an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, dass de Ministre du Trésor et du Budget, den deemolege Minister, deen déi Kompetenzen hat, den Här Frieden, am Fong en Engagement budgétaire fir Terrainen zu Colmer-Bierg am Dezember 2007 fir e Montant vu 6,1 Milliounen Euro engagéiert hätt. Deemools, wann den Här Statsminister eis e puer Woche virdru seet, dass e gäre ganz transparent geschafft hätt an dass e gären all Informatiounen der Chamber matgedeelt hätt, war et e bësse surprenant, dass op där anerer Säit säi Budgetsminister vun deemools, den Här Frieden, mam Haff en Deal fonnt hätt fir esou vill Suen, also fir 6,1 Milliounen Euro.

Dowéinst war deemools d'Opportunitéit vun der Fro, Här President. Ech verstinn, dass se e bësse penibel war, well wann een eis seet, dass ee gären transparent an engem Dossier ass an op där anerer Säit awer handelt, an een dann duerch Source journalistique am Fong gewuer gëtt, wat den deemolege Budgetsminister Frieden, haut Finanzminister, dem deemolege Finanzminister Juncker net un Informatioun ginn hätt, oder net…

Dowéinst, meng Fro, Här President, war deemools, ob de Statsminister, deen och Finanzminister deemools war, bei senger Deklaratioun bei eis an der Chamber vum Budgetsminister a vum Trésorminister Frieden Bescheed wousst iwwert den Achat vum Bësch zu Colmer-Bierg, a wann dat net de Fall war: Wéini ass de Statsminister deemools da vum Budgets- an Trésorminister Frieden informéiert ginn iwwert deen Achat?

Wéi gesot, Här President, ech fannen et just schued, dass een elo bis 2010 - Chrëschtdag 2010, dat heescht bal 2011 - muss waarden, fir eng Fro vum 9. Abrëll 2008.

M. le Président.- Merci dem Här Bettel, an de Finanzminister kritt d'Wuert, fir op déi Fro ze äntwerten.

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Här President, ech weess net, ob et opportun ass, datt d'Regierung d'Chamber informéiert iwwer Gespréicher, déi tëschent dem Statsminister an dem Statschef iwwer verschidde Saache lafen. Dat ass net Usus, ech géif dat also virausschécken.

Dat Zweet, dat ass, datt an deem Moment, den 19. Dezember 2007, also virun dräi Joer, wéi de Statsminister hei geschwat huet, de Statsminister net wousst, datt en Engagement budgétaire géif op deen Exercice gemaach ginn am Zesummenhang mat der Acquisitioun vun deem Bësch, well deen zu deem Zäitpunkt och net zoustänneg war fir d'Domäne vum Stat, mä ech war zoustänneg als Trésorminister fir d'Domäne vum Stat.

Selbstverständlech war de Statsminister au courant vu Gespréicher, déi ronderëm déi Acquisitioun gelaf sinn - mä dat sinn eben déi Zorte Gespréicher, déi net an d'Öffentlechkeet gehéieren -, mä am Moment, wou en d'Chamber iwwert dee generelle Saz, deen den Här Bettel hei zitéiert huet, war en net au courant vun engem Engagement budgétaire. Déi Transaktioun ass och eréischt duerno décidéiert an ofgeschloss ginn an ass vun der Regierung deemools als Ganzt selbstverständlech diskutéiert ginn, an d'Chamber huet sech och duerno iwwert déi Fro jo am Detail ausgeschwat.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister. Da kéime mer elo zu der Fro N°664 vum Här François Bausch, och un de Finanzminister, iwwert den Impakt vum Index op de Statsbudget. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°664 de M. François Bausch du 20 mai 2010 relative aux recettes et dépenses engendrées pour le budget d'État par l'application d'une tranche indiciaire, adressée à M. le Ministre des Finances

M. François Bausch *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Fro, meng zwou Froen, déi sinn eigentlech denkbar einfach, mä d'Äntwert schéngt denkbar komplizéiert gewiescht ze sinn. Wéi gesot, ech hat se den 20. Mee dëst Joer gestallt, an zwar geet et do an där éischter Fro drëms, fir gewuer ze gi vum Finanzminister, wann eng Indextranche erfält, wéi vill dat ausmécht um Käschtepunkt, supplémentairë Käschtepunkt fir de Stat, well jo evidenterweis d'Salairë vun de Fonctionnairë beim Stat an den Employéë vum Stat dann ëm 2,5% an d'Luucht ginn - wéi vill dat am Chiffer ausmécht.

Déi zweet Fro, dat war, wéi vill op där anerer Säit Recette-supplémentairen erakomme fir de Stat, well jo dann natierlech am Privatsecteur och d'Salairen ëm 2,5% an d'Luucht ginn an deementspriechend den Impôt sur le revenu op dem nationalen Niveau esou vill Prozent eropgeet. Et kann een och, en Deel kënnt jo vun de Statsbeamten och erëm mat zréck…, wéi vill dat ausmécht vun zousätzleche Recetten, neie Recettë vum Stat, déi erakomme bei dem Impôt sur le salaire oder Impôt sur le revenu um nationalen Niveau duerch eng Indextranche.

M. le Président.- Merci dem Här Bausch. Den Här Finanzminister kritt d'Wuert, fir op déi Fro ze äntwerten.

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Här President, et ass esou, datt eng Augmentatioun vun enger Indextranche um Niveau vun de Rémunératioune vun de Statsbeamten de Stat ronn 45 Millioune brutto kascht. Do kommen derbäi ronn zwielef Millioune fir d'Rémunératioune vun de Leit am konventionéierte Secteur, déi net juristesch Statsbeamte sinn, mä deenen hir Gehälter awer och vum Stat bezuelt ginn. Da kënnt een op 57 Milliounen. Dat si ronn Chifferen. Wann een dann ausrechent, en Taux moyen d'imposition vun eppes 20%, da kann ee soen, datt tëschent zéng a 15 Millioune Steiereinnahmen zousätzlech da si par rapport zu de Bruttorevenuen, déi ech zitéiert hunn.

M. le Président.- Merci dem...

M. François Bausch *(déi gréng)*.- ... also déi zéng bis 15 Milliounen, ass dat gesamt gerechent? Gesamt?

(Assentiment)

Okay.

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister. Da kéime mer elo zu der drëtter a leschter Fro...

M. François Bausch *(déi gréng)*.- Dat ka jo bal net sinn, Här President, dat ka jo bal net sinn!

M. Félix Braz *(déi gréng)*.- Neen, Recettes d'impôt net nëmme vun de Fonctionnairen…

M. François Bausch *(déi gréng)*.- Net nëmme vun de Fonctionnairen, mä d'Salariéen.

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Neen, neen.

M. Félix Braz *(déi gréng)*.- Dat ass d'Fro, dat ass d'Fro!

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Vun allen ass natierlech d'Recette… Dir hutt gefrot: bei de Stats...

M. François Bausch *(déi gréng)*.- Dat war awer meng Fro!

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Neen, Är Fro war bezunn op d'Statsbeamten!

M. François Bausch *(déi gréng)*.- Neen, neen, neen, neen, neen, neen!

Plusieurs voix.- Neen!

M. François Bausch *(déi gréng)*.- «À combien se chiffrent les recettes supplémentaires qui s'ensuivent de l'application d'une tranche indiciaire au niveau de l'impôt sur le revenu à l'échelle nationale?»

M. Félix Braz *(déi gréng)*.- Vun en alleguer.

Une voix.- Wéi wëllt en dat dann erausfannen?

M. Félix Braz *(déi gréng)*.- Ma mat enger Rechnung, mat enger Rechnung!

Une voix.- Et muss een nosichen a rechnen!

(Interruptions)

M. le Président.- Jo hei, wann ech gelift, loosst elo de Finanzminister dorobber äntwerten!

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Ech kann Iech dat net auswenneg soen, well ech net d'Masse salariale hunn, dat hänkt jo of vun der Masse salariale, déi ëm 2,5%..., also ech muss de Minister froen, vläicht weess de Minister vun der Sécurité sociale auswenneg d'Masse salariale, an da rechent een dorobber 2,5%, an dann…

Mä do ass den Taux d'imposition natierlech ganz anescht, do ass en natierlech vill méi niddreg, well 40% vun de Ménagë bezuele jo no eisem Steiersystem keng Steieren,…

(Interruptions)

…esou datt do den Taux d'imposition héchstwahrscheinlech an der Moyenne bei 10% bis 15% zu Lëtzebuerg nëmme läit, well mir mat deen niddregste Steiersaz en moyenne hunn, esou datt déi Zomm - Gesamtbudget, elo geet dat alles e bëssen…

De Gesamtbudget: Da musse mer och eng ganz aner Rechnung am Ufank ufänken. De Gesamtbudget gëtt duerch eng Indextranche natierlech substanziell méi belaascht wéi just nëmmen duerch d'Augmentatioun vun de Paien. Eng Gesamtindextranche beim Budget ass grosso modo 150 Millioune brutto, an netto 100 Milliounen, esou datt dat héchstwahrscheinlech déi 50 Millioune sinn. Dat sinn alles ronn Chifferen, déi dann d'Steiermass ausmaachen, souwuel Secteur public wéi Secteur privé. Mä ech géif dat mam Minister vun der Sécurité sociale kucken, d'Masse salariale, wa mer déi dann hunn, da reeche mer dee Chiffer no. Mä déi aner Chiffere waren déi bezu just op d'Rémunératioune vun de Statsbeamten.

M. le Président.- Merci dem Finanzminister. Elo kéime mer zu der drëtter a leschter Fro fir de Mëtteg, nämlech d'Fro N°925 vum Här Xavier Bettel och un de Finanzminister iwwert de Krisepak. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°925 de M. Xavier Bettel du 28 septembre 2010 relative au paquet de mesures d'économies, adressée à M. le Ministre des Finances

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, ech soen Iech Merci. Déi heite Fro ass vum 28. September 2010, dat heescht, si huet keng zwee Joer. Mä ech constatéieren: Et ass och nees de Finanzminister, deen elo fir d'Drëtt hei eng Fro net an den Délaie beäntwert huet. Ech mengen, et wier jo gutt - an de Virsätz, déi si jo elo gläich ze huelen, Här Minister -, wann Der dann d'nächst Joer d'Reglement géift respektéiere vun eiser Chamber: bannent dem Mount, deen Iech virgesinn ass, oder op d'mannst eisem President Bescheed soen, fir eng Äntwert ze kréien.

Här President, déi Fro war nämlech, well deemools huet een den Här Frieden héiere lénks a riets vum Här Bodry a vum Här Lux - also, net gebeetscht ze ginn, mä awer haart kritiséiert ze ginn,…

(Interruption)

…dass d'Mesuren, déi d'Sozialistesch Aarbechterpartei géif proposéieren, einfach vill besser wiere wéi déi vun der Regierung.

An deemools hunn ech mer dann d'Fro gestallt am September 2010, einfach, ob déi Mesuren, déi vun de Sozialisten, vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei, verschidde wiere vun deene vun der Regierung. Well et huet ee jo iwwer Communiqué just diskutéiert iwwert d'Kritike vun deem engen a vun deem aneren.

Mä deemools, Här Frieden, krut Dir d'Kritik gemaach, dass déi Mesuren, déi d'Regierung hätt, net esou gutt wiere wéi déi vun der LSAP. Duerfir d'Fro, Här Minister: Wat